„Ech fueren an"

Guy Hoffmann

„Ech fuere muer an", sot meng Mamm a wollt domat kloermaachen, si géif muer an d'Stad fueren. Mir hunn deemools bei Gréivemaacher gewunnt, meng Mamm wollt awer kengesfalls soen, si géif an d'Muselstiedchen, nëmme sechs Kilometer von äis wech, fueren, mä an eis Haaptstad Lëtzebuerg, déi ronn 25 Kilometer vun doheem louch.

„D'Stad", dat war do, wuer mer an d'Oktav an op d'Fouer gefuer sinn; do, wou d'Tatta Marrechen um Glacis eng Wiertschaft hat an Harmonika gespillt huet, do, wou d'Mamm äis am „Trois Quartiers" neit sonndest Gezei umoosse gelooss huet.

Bréissel ass och eng Stad, Paräis nach vill méi eng grouss, mä kees hätte mir gesot „de Monni Jang fiert an", wann deen op eng Paräisser Ausstellung gefuer ass. „An", dat war „op Lëtzebuerg" an nëmmen duer, och wa mir als Kanner de Begréff Lëtzebuerg als Haaptstad an als Land net sou genee auserneen hale konnten.

An da mécht äis vill méi spéit eng Fra an der Sankt Gallener Géigend Bensin an den Auto, gesäit eisen „L" drop a freet ouni verleeën ze ginn, ob mir vu Liechtenstein kéimen.

An da bliedert eng Hotelsreceptionistin zu New York a mengem Pass a freet, wou dat „Luxembourg" eigentlech léich, an der Belsch oder am Frankräich. „It's an independant country", hunn ech si versicht opzeklären, mä d'Madame huet mech just komesch bekuckt. „Are you sure?" frot se skeptesch.

Sou ass et eeben. Éier d'Gëlle Fra bei si koum, woussten d'Chineese wuel eppes vu Schengen, mä net vu Lëtzebuerg, an haten sech domat net méi blaméiert wéi e gewëssen Här Mitterrand, dee Schengen „ce petit village quelque part dans les Ardennes" gedeeft hat.

Kann een sou Leit eppes vun de véier Lëtzebuerger Keeser zu Prag verzielen?, vum Vauban senger Festung?, vun eiser 150-järeger Onofhängegkeet?, wéisou Stad a Land een an deeselwechten Numm hunn?

„An der Stad war lo d'Éimaischen, waart Dir och‚agefuer', Här Sarkozy?"

An dach gouf et eng Zäit, an där eist Land eng richteg zweet „Stad" hat. Mir hunn se verluer, wéi d'Belsch hire Krich mat Holland hannerun sech haten an den „hollännesche" Lëtzebuerger e Stéck fir an hir belsch Provënz Lëtzebuerg ofgepëtzt hunn. Am „Areler Land" hunn se wuel Lëtzebuergesch geschwat, mä ouni Arel hätten déi nei belsch Häre keng Haaptstad fir hir nei Provënz gehat.

Dat muss hinne wéigedoen hunn, deene vun déisäit a vun dëssäit der Grenz. Ronderëm déi Stad gouf net nëmme Lëtzebuergesch geschwat, d'Dierfer hu Mäerzeg (an net Messancy), Frellen (an net Freylange), Affen (an net Fouches), Héiwerdang (an net Habergy) geheescht. Dem Dicks säi Meedche vu Gëtzen hat sech nach am Lëtzebuergeschen d'Liewe geholl, wéi et an den Affener Weier gaangen ass, haut misst et iwwer d'Grenz lafen. A vergiesse mer och net, datt déi zwou Madammen, déi sech an engem vun eisen eelste Lidder zougedronk hunn, op der Areler Knippche souzen, wéi Arel nach bei äis war.

Mä d'Vollek gouf jo net gefrot; haut och nach net. Kierzlech stoung an der Zeitung ze liesen, an enger flamännescher Gemeng géifen d'Kanner bestrooft, wann s'ënnerenee Franséisch géife schwätzen. Op Arel setzen se Spillschoulsjofferen, déi nëmme franséisch schwätzen, fir datt keng op d'Iddi kënnt, fir mat de klenge Kanner op Lëtzebuergesch ze poteren.

En alen Areler huet et mol op de Punkt bruecht: „Wann s de haut bei äis nach gäre Lëtzebuergesch héiers, da muss de matgoen, wann ee begruewe gëtt."

An dach soll een net schwaarz gesinn. D'*UEBL* war net vum „Übel", d'*BENELUX* huet äis nach méi no bruecht, d'*EU* léisst (bal) all Grenze vergiessen.

Vill Lëtzebuerger aus dem Weste vum Land fuere Woch fir Woch op Arel oder op den Areler Maart hir Kommissioune maachen.

Fueren se „an"? Ech mengen net.

Hirer vill aus dem Areler Land léieren an Owescoursen nees Lëtzebuergesch, fir méi Chancen ze hunn, bei äis eng Aarbechtsplaz ze fannen, an hirer 35000 komme lo schonn Dag fir Dag bei äis, besonnesch an d'Stad, schaffen, mam Auto, mam Bus an och mam Zuch.

Fueren se „an"? 't wier mol nozefroen.

A vläicht gëtt et uewen am Tuerm vun der Donatuskapell op der Areler Knippchen och mol nees e „Radio *UKW*-chelchen", dee mer da bei engem apaarte Patt aweien; beim „Maitrank" oder beim „Meewäin", 't ass enges.

Josy Braun